Groupe parlementaire

Dépôt: Jeff Engelen

Lëtzebuerg, de 27. Abrëll 2023

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- déi gesetzlech Grenz vun 78 Krankheetswoche fir schwéier krank Mënschen eng existenziell Menace duerstellt, well hinnen no dëser Frist den Ausschloss aus der Sozialversécherung droht;

ass sech bewosst, datt

- et am Joer 2023 nemméi ka sinn, datt Mënschen, déi aus triftege Grënn iwwer laang Siicht net kënne schaffe goen, duerch dat soziaalt Netz falen;

fuerdert d'Regierung op,

- déi gesetzlech Grenz vun 78 Wochen ofzeschafen an ze ersetzen duerch e Modell, dee garantéiert, datt schwéier krank Leit entweder esou laang kënne krankgeschriwwe bleiwen, bis si nees geneese sinn, oder iwwert e reegelméissege Monitoring vum Gesondheetszoustand eng aner Léisung fir si fonnt ka ginn (Reclassement, provisoresch oder definitiv Invaliderent oder Altersrent), woubäi de gesondheetleche Monitoring iwwert de Contrôle médical vun der Sécurité Sociale lafe misst;

- donieft, nom Beispill vun der Commission mixte de reclassement, e speziellen Organe de suivi ze schafen, deen op Avis vum Contrôle médical iwwert de weidere Suivi vum Versécherte sengem Dossier statutéiert mam Zil, datt zu all Moment seng Sozialversécherung bestoe bleift.

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**